



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Baussen- an Immigratiounsminister weiderzeleeden.

Et ass gewosst, datt eng Rei Leit sech hei am Land ophalen, deenen hir Asyl-Ufro negativ beäntwert ginn ass. Entweder si si toleréiert bis eng Léisung fonnt gëtt oder si sinn einfach ouni Pobeieren heibliwwen. Am Kontext vun der Familljenzesummeféierung wëll ech dem Här Minister fir Immigratioun dës Fro stellen:

1. Gouf et oder gëtt et hei am Land Familljenzesummeféierunge bei Leit, deenen hir Demande op internationale Schutz net accordéiert ginn ass an déi entweder toleréiert oder illegal hei am Land sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser  
Deputéierten